



Um Dag no eiser Generalversammlung déi beim Yannik op de Rollenger Weiere stattfonnt huet feiere mir ëmmer eisen Dag vum Präsident an duerfir si mir des Kéier op la Strange an déi belsch Ardenne gefuer. Bei schéinem Fréijoerswieder haten sech 16 Membere getraff fir zesummen ee flotten Dag beim Waasser ze erliewen, mir haten et also des Kéier mol erëm eng Kéier gutt mam Wieder erwëscht mee ganz ouni dee kalen Nordwand si mir awer net dervu komm. Ewéi ech bei de Kolleegen ukomm si waren déi schonn Alleguerte gutt gelaunt, hate Sie dach schonn ee puer schéi Fësch gefaangen an ech hu mir soe gelooss et wären nawell kapitaler gewiescht an dozou och nach Baachforelle wat fir Weieren net esou alldeeglech ass.









Mir haten eis also zu la Strange getraff wou mir normalerweis ëmmer eréischt am November eis Sortie du Jambonneau feieren, mir hate missen aus organisatoresche Grënn op la Strange auswäichen ewell et u sech virgesi war fir deen Dag zu Freux bei Libramont ze fësche mee et sollt awer aneschters komme wat ee bësse schued war ewell mir doduerch eisem Präsident seng Lënsenzopp an all déi aner gutt Saache mat deenen Hien eis ëmmer um Dag vum President verwinnt verpasst, hunn net ze vergiessen dem Marie – Paule seng selwer gemaachen Desserten, na ja dann huele mir dat eben no wa mir Enn Mee op Freux fueren.











An wat ware mir frou ewéi et endlech Zäit war fir den Aperitif hat de kalen Nordwand eis dach zougesat an och d´Fësch hunn net méi esou richteg gebass ewéi abee mol Loft opkomm war. Schnell hate mir eis um Mëttesdësch afonnt an ewell et dach laang gedauert huet bis d´Iessen um Dësch war hu mir

Zäit alt nees genotzt fir ee bësse Fëscher Latäin ënnert eneen auszetauschen. Dat ass ëmmer ganz lëschteg ewell do och vill schéin Erënnerungen domadder verbonne sinn. Och iwwer Dësch gëtt ëmmer am meeschte gefaangen an d´Fësch wuessen zudeem och nach mee dat gehéiert awer onbedéngt bei eise Sortien dozou.





















Loung et um kalen Nordwand, dem gudden Iessen oder der gemittlecher Stëmmung, Mëttes hunn eis Fëscher jiddwerfalls schwéierlech de Wee erëm bei d´Waasser fonnt. Dat war awer net dramatesch ewell d´Fësch anscheinend och net méi um Rendez-vous waren. Mee dat mécht awer een Dag zesummensinn beim Waasser bei eis am Club aus, et geet haaptsächlech drëms fir sech erëm ze gesinn an ee schéinen Dag zesummen ze verbréngen. La Strange war och des Kéier erëm eng Urees wäert an esou soll et och weidergoen zemools wou eis nächst Sortie eis op den Domaine de Coyolles féiert wat mat Sécherheet erëm een Héichpunkt an eiser Saison wäert ginn, si mir dach beim Céline a beim Vincent net nëmme wëllkomm mee och nach gutt opgehuewen an dann huele mir och déi verpasste Fësch vu la Strange no ewell do kenne mir dräi Deeg laang no Häerzensloscht eis Passioun ausliewen.

